Uewerkuer, Datum vum Poststempel.

AMICALE
DES
ENROLÉS DE FORCE
Oberkorn

Dir Dammen an Hären,
Komerôdinnen an Komerôden,
Leiw Letzebuerger,
Leiw Frönn,

Alleguerten sitt der hèrzlechst agelueden, un eiser

19. JOURNEE COMMEMORATIVE LOCALE
dèlzehuelen, dei e
SONNDEG, den 13. MAI 1979 zou UEWERKUER
ôfgehâle get .

Hei ass eise Programm :

9.3o Auer:
Opstellen vun de Vereiner bei der Bouweschoul ( rue Jean Gallion ).

1o.oo Auer:
Feierlech Mass an der Pârkîrch.

1o.5o Auer:
Cortège: Bielesserstrôss - Peschtkreitz - Martinstrôss - Onôfhängegkètsmonument - Gerbe-Neierléong - Sonnerie aux Morts .

11.1o Auer:
Usprôchen am Sall vum café de la Poste, Eierewein.

---

Leiw Alleguerten.
Op dösem Dâg musse mèr, zemôl an dösem Jôer, eis grouss
Komerôdschaft mei ewei jé önner Beweis stellen.
Mèr hun elô 3o Jôer lâng fest zesummen gehâlen.
Mèr fueren virun, bis kè mei vun eis dô ass.
3ooo gefâlen a vermösste Komerôden erwuarden et vun eis.
2ooo freihzeiteg verstuerwen Komerôden verlângen et vun eis.
A mèr accepteieren dei Charge bis un d'Enn.
MER GIN EIS NET .
Komerôdinnen a Komerôden, leiw Letzebuerger .
Mèr zielen op iech, den 13. MAI 1979.

Merci am Vîraus.

De comité.

# enrolés de force an hir Frönn
# Wolz

Heimadden invite'ere mir I'ech herzlechst an

## d'Versammlong

en Denschdeg, dén 5. Juni 1979 em 8 Auer owends an dén

" Hôtel du Commerce   Edy Weber   9. rue des Tondeurs   Wolz

## Virwat Wahllöschten vun d'en Zwangsrekrute'ert ?

D'Stonn vun der Worecht ass do '

Verrode mir

3500 Famillgen dé hirt Médchen oder Jong nom Krich net erem gesinn hun ?----2000 Fra'en a Kanner dé hire Mân a Papp frézeiteg verluer hun ?-----honnerte vu Resistenzler dé a Prisong, Déportation a KZ gestuerwe sinn ?-----dauzende vu gudde Letzeburger dé d'Vermegen an l'Liewen riske'ert hun fir jong letzeburger Bierger vum Do'd ze retten ?-----dauzende vum mutile'ert a krank Kommerodinnen a Kommeroden ?----- ons selwer an ons Kanner, als Bierger 2ter Klass gestempelt ?---

Si mir beréd

Dem Nofolger vun Nazideitschland Milliarden Frang ze schénken, an dofir de letzeburger Steierzuehler bludden ze lossen ?-----
Der Regierong a Parteidiktatur frei Hand ze lossen am Interesse vu Parteibonzem a Posteje'er ?----- Mat der Jugend de Géck ze machen eso wé mat eis elo zenter 30 Jo'er ?-----Mat Aroganz an Oportunissem ons Steiergelder ze verschleideren ?-----Weider Fro'en si gestallt a ginn beäntwert an deser Versammlong.

Kommt dohinne mat ärer Fra, Kanner a Frönn a beweist haut är Solidaritet we' am Krich.--Wan dir verhönnert sit, da vergiesst net

den 10. Juni 1979 all är Stömmen op Löscht 9

am Interessi vu Letzeburg, an am Interessi vun ons all

Fédération des Victimes du Nazisme enrolés de Force .

# enrôlés de force

# DIDELENG

## Dringenden Appel un all Enrôlé de Force

Komerôdinnen a Komerôden,

No bâl 30 Jôer lângem vergiewlechem Asâtz an alle Verhandlungen matt dénen verschiddenen Regierungen, wösst Dir, dass eis Arbecht, an eis Bemé'ongen Gerechtegkét fir d'enrôlés de force ze kré'en, bis zum heitegen Dâg o'ni den endgëltegen Erfolleg bliwen sinn. Trotz villen Verspriechen fun dénen énzelnen Parteien go'f den tippeschen Problém fun den Enrôlés de Force net geleisst; an dât mat voller Absicht. Mir kennen, a wellen dât net mei weider nokuken! D'Féderatio'n an de Comité Central, nom Beschloss vun der Assemblée Extraordinaire fun den Délégé'erten zu Walfer hun doerobber hin beschloss Mir égen Lëschten fir d'Chamberwahlen den 10. Juni 1979 opzestellen. Mir mussen é fir allemôl, dénen énzelnen Parteien weisen, dass d'Zwangsrekruté'ert nach net all um Kirfecht leien, an dass dé', dé' nach do sinn, ënnert kengen Emstänn gewellt sinn ze kapitulé'eren.

Och des Aktio'n, ewé' so' munneg âner (z.B. d'Pétitio'nsaktio'n mat 40.393 Ennerschröften -Heinemann-Protest, mat mé' wé' 5000 Leit a Kélt an a Schnéi - etc) muss en Erfolleg ginn! Fir dass desen Erfolleg gesechert ass, mâchen mir en drengenden Appel un all Enrôlé, seng Famille an seng Bekannten, fir des Aktio'n mat allen Metellen ze ennerstötzen. Wann nämlech keng genügend gro'ss Zuel fun Stömmen op d'Löschten fun den Enrôlés de Force kommen, dann gett nie mé' d'Dommage de Guerre-Gesetz geännert. D'Stonn vun der Wo'erecht ass do! Des Ké'er oder nie mei! All énzelnen Enrôlé, muss sech also bewosst sinn, dass et op seng Hëllef an seng Ennerstötzung ukennt. D'ass net fir des oder dé' Ausried ze fannen fir sech lânscht seng Verantwortung ze drékken. All énzelnen muss sech am klôren sinn, dass dât esoe net mé' kann firun goen. Mir kennen einfach dé' Responsabilité't net mei iwerhuelen, fir d'Komerôdinnen an d'Komerôden fum Comité Central, an och dé' Komerôden dé' mam Comité Central zesummen schaffen, weiderhin nach ze hetzen an ze joen, fun enger Verhandlung a Versammlung an dé' âner. Dir sitt iech wahrscheinlech net bewosst doeriwer, dass och des Komerôden, mitt sinn; gesondhétlech an nerflech no beim Enn sinn. Et gét also net mé' duer fir hannert dem Kolonnenuewen mat den Hänn am Scho'ss ze setzen, an ze wârden, bis d'gebrôden Bauwen eis an de Mond geflunn kommen. Och d'Familien fun dénen Komerôden, dé' all Dâg op der Achs sinn, hätten lé'wer, wann hiren Mann an hiren Papp och émol én Owend kennt dohém bei der Famill sinn, anstatt all Dâg, fir eis Sâch bis an d'Nuecht eran beschäftegt ze sinn. Fun dénen finanziellen Dépensen, dé' all des Komerôden hunn, guer net ze schwätzen.

An dofir, lé'f Komerôdinnen a Komerôden, mengen mir, dass et hé'ch Zeit wir, dass all énzelnen Enrôlé sech d'Frô stellt: "Wât hunn ech bis elo schon beigedroen fir eis Cause, an wât kann ech nach mathöffefen fir eis Fuerderongen zu engem gudden Enn ze fé'eren?" So' wé' mir eis ënnert der Fuchtel vum Preis, an echter Komerôdschaft gegenseiteg gesteipt an gehollef hunn, zesummen mat all dénen gudden Letzeburger dé' Happ a Gud, Gesondhét a Liewen op d'Spiel gesât hunn fir ons ze hëllefen, esoe mussen mir bei den kommenden Wah-

len én émolegt Beispiel vun Solidarité't virdémonstré'eren. All ons Stömmen ginn des Ké'er op d'Löschten vun den Enrôlés de Force!
- Löscht N° 9 -

Och wanns du jôerzingtelâng CSV, DP oder LSAP gestömmt hues, da mâch et desen 10. Juni net. Dofir ginn des gro'ss Parteien net ënner! Awer sie mussen agesinn dass hier Wieler net de Géck mat sech mâche lossen an net accepté'eren dass en nationalen Problém wé' dé', geschafen durch eng ongerecht Behandlung fun den Zwangsrekruté'erten am Kriegsschädengesetz, net kann verschléft ginn bis dé leschten begru'wen ass. Bis elo huet jo dé' Partei fir dé's du gestömmt huest, déin Problém net gelé'sst! Kann des Partei dir en Virworf mâchen, wanns du hir dein Vertrauen net mé' schenkst? Sie haten Zeit genug. Elo ass et Schluss! Deng Stömm, denger Frâ oder dengem Mann hir, dengen Kanner an denger ganzer Famill, onsen Frönn a Sympathisanten, all des Stömmen ginn den 10. Juni op d'Löschten vun den Enrôlés de Force. - Löscht N° 9 -

Vive e freit a gerecht Letzeburg

Fir de Comité

René Kerg

Heimadden invité'eren mir iech an ons

A S S E M B L E E   G E N E R A L E   1979

an de"Foyer pour vieux et jeunes" (Hild op der Gare)

e Samschdeg den 12. Mé 1979,

um 20 Auer

Ordre du jour:

Begréssong durch de Präsident Jos Weirich

Tätegkétsbericht vum Secrétaire Luc. Schaeffer

Caissebericht vum Trésorier Jeng Fox

Rapport vun de Caisse-Rewisoren

Referate iwert d'allgemeng Situatio'n an d'Wahlen

Frei Ausssproch.

Op d'Wichtegkét vun deser Versammlung brauch wuel net higewiesen ze ginn nodém wât hei virdrun erwähnt ass ginn.

Mir zielen op jidderén
fir de Comité

Luc Schaeffer
Secrétaire

Enrôlés de Force
E I S C H E N .

Datum vum Poststempel

# O P R U F F

un all Enrôlés, Elteren, Familljen a Frönn.

20000 Jongen a Méderchen gôwen an den R.A.D.-K.H.D. an an d'Wehrmacht gezwongen. 20000 Familljen, Mammen a Pappen, Frâ'en a Gesöschter hunn jo'erelâng öm sie gebângt. Sie wâren ömmer a Lie'wensgefôr, an der Front, am Maquis, an der Déserti'on.- O'ni Rücksicht op sech selwer hunn vill Frönn è gro'ssen Dèl vun de Jongen verstoppt, iwert Grenz gefo'ert, mat Liewensmöttel versuergt, SOLIDARITET wâr démols eso' schèn, èn nationale Begröff. Sie sinn eremkomm, krank, verwondt, gezéchent vum Krich,Gefângenschâft a Prisong, âwer 3500 vun hinnen hunn gefêlt, gefall, erschoss, a Gefângenschâft gestuerwen. 3500 Familljen hun hir Jongen net me' erem gesin. Eng schrecklech Tâtsâch.

We' den 25 Februar 1950 d'Gesetz iwert den Dommage de Guerre gestömmt go'w, wôr d'Diskrimine'erung vun de Jo'ergâng 1920-1927 och perfekt. d'jongen kruten net vill, d'Méderchen neischt. Keng Spur mé vun SOLIDARITET. Trotz ville Wahlverspriechen vun alle Parteien während 30 Jo'er bleiwen d'Enrôlés Bierger zwèter Klass.

Komerôdinnen a Komerôden, Elteren, Familljen a Frönn. Den 10. Juni gi mir stömmen. d'Enrôlés de Force hun och hir Löschten dpone'ert. Fir wât, dât ass iech allegueren klo'er. Eise Problem muss gele'st ginn. Ons gefâlen an nach vermössten Komerôden verlângen dât vun eis. Den 10. Juni, dén Dâg vun der Wo'erecht erwârden sie vun eis allegueren erem de' echt Solidaritet we' sie se selwer am Krich kannt hunn.

Duerfir : Geschlossen stömme mir d'Löscht Nr 9 des Ke'er, da mâche mir och neischt verke'ert, well et ass d'Löscht vun den Zwangsrekrute'erten.

J U S T I C E   A U X   E N R O L E S   D E   F O R C E .

XXXXXXXXXXXXXXXXXXXXXXXXXXXXXXXXXXXXXXXXXXXXXXXXXX

Wâhlfong: Compte chèque postal Nr 21049-97
"Fond d'Action des E.d.F. Luxembourg

# enrolés de Force an hir Frönn
# Dikrech

Heimaddem invite'ere mir I'ech herzlechst an

# d'Versammlong

e Mettwoch, den 3o.Mé em 8 Auer owends an dé
Café - Restaurant Infalt 73. avenue de la Gare Dikrech.

## VirwAT Wahllöschten vun d'en Zwangsrekrute'ert ?

D'Stonn vun der Worecht ass do '

Verrode mir

35oo Famillgen dé hirt Médchen oder Jong nom Krich net erem gesinn hun ?----2ooo Fra'en a Kanner dé hire Mân a Papp frézeiteg verluer hun ?-----honnerte vu Resistenzler dé a Prisong, Déporta= tion a KZ gestuerwe sinn ?-----dauzende vu gudde Letzeburger dé d'Vermegen an l'Liewen riske'ert hun fir jong letzeburger Bierger vum Do'd ze retten ?-----dauzende vun mutile'ert a krank Kommerodinnen a Kommeroden ?----- ons selwer an ons Kanner, als Bierger 2ter Klass gestempelt ?---

Si mir beréd

Dem Nofolger vun Nazideitschland Milliarden Frang ze schénken, an dofir de letzeburger Steierzuehler bludden ze lossen ?-----
Der Regierong a Parteidiktatur frei Hand ze lossen am Interesse vu Parteibonzen a Posteje'er ?----- Mat der Jugend de Géck ze machen eso wé mat eis elo zenter 3o Jo'er ?-----Mat Aroganz an Oportu= nissem ons Steiergelder ze verschleideren ?-----Weider Fro'en si gestallt a ginn beäntwert an deser Versammlong.

Kommt dohinne mat ärer Fra, Kanner a Frönn a beweist haut är Solidaritet we' am Krich.--Wan dir verhönnert sit, da vergiesst net

den 1o. Juni 1979 all är Stömmen op Löscht 9

am Interessi vu Letzeburg, an am Interessi vun ons all

Fédération des Victimes du Nazisme enrolés de Force .

# enrolés de Force an hir Frönn
# Wolz

Heimadden invite'ere mir I'ech herzlechst an

## d'Versammlong

en Denschdeg,dén 5.Juni 1979 em 8 Auer owends an dén

" Hôtel du Commerce Edy Weber 9.rue des Tondeurs Wolz

## VirWAT Wahllöschten vun d'en Zwangsrekrute'ert ?

D'Stonn vun der Worecht ass do '

Verrode mir

35oo Famillgen dé hirt Médchen oder Jong nom Krich net erem gesinn hum ?----2ooo Fra'en a Kanner dé hire Mân a Papp frézeiteg verluer hun ?-----honnerte vu Resistenzler dé a Prisong,Déporta=tion a KZ gestuerwe sinn ?-----dauzende vu gudde Letzeburger dé d'Vermegen an l'Liewen riske'ert hum fir jong letzeburger Bierger vum Do'd ze retten ?-----dauzende vum mutile'ert a krank Kommerodinnen a Kommeroden ?----- ons selwer an ons Kanner, als Bierger 2ter Klass gestempelt ?---

Si mir beréd

Dem Nofolger vun Nazideitschland Milliarden Frang ze schénken, an dofir de letzeburger Steierzuehler bluddem ze lossen ?-----
Der Regierong a Parteidiktatur frei Hand ze lossen am Interesse vu Parteibonzen a Posteje'er ?----- Mat der Jugend de Géck ze machen eso wé mat eis elo zenter 3o Jo'er ?-----Mat Aroganz an Oportu=nissem ons Steiergelder ze verschleideren ?-----Weider Fro'en si gestallt a ginn beäntwert an deser Versammlong.

Kommt dohinne mat ärer Fra,Kanner a Frönn a beweist haut är Solidaritet we' am Krich.--Wan dir verhönnert sit,da vergiesst net

den 1o. Juni 1979 all är Stömmen op Löscht 9

am Interessi vu Letzeburg,an am Interessi vun ons all

Fédératiom des Victimes du Nazisme enrolés de Force .

AMICALE DES ENRÔLES DE FORCE
RODANGE - LAMADELAINE

lo.5.79

Komerôdinnen a Komerôden,

Mer lueden Iéch allegueren herzlechst an un eiser OPKLÄRUNGSVERSAMMLUNG dèlzehuelen, de e Freideg, den 18.Mè um 2o Auer am Café DAUPHIN zu Rodange, 2o, rue du Klopp, ôfgehâle get.

FIR WAT GREIFE MER AN D'WAHLEN AN ??

Wén huet eis am Laf vun de Jôren eso: weit bruet. ?

ET ASS EIS [LESCHT] CHANCE, MIR MUSSEN REUSSEREN ;

DEN lo.JUNI ASS D'STONN VUN DER WOERECHT

Mer mussen é fir allemol dénen ènzelnen Parteien weisen dass mer ennert kengen Emstänn gewellt sin ze kapitulé'ren.

3o Joer lang hâten sie et an der Hand - 3o Joer lang hun si Verspréchen gemât - 3o Joer lang hu mer gewârt - Nun ass et Schluss -
Och wanns du joerzintelâng CSV, DP oder LSAP gestömmt hues, da mâch et desen lo.Juni net. Dofir gúnn des gro'ss Parteien net önner. Awer sie mussen agesin dass mer net mé de Geck mat eis mâche lôssen, an dass eise Problem, en nationale Problem, net kann verschlèwt gin bis dé lèschte vun eis begruewen ass. Bis elo huet jo dé Partei fir dé's du gestömmt huest, dein Problém net gelésst. Elo ass et Schluss ! Deng Stömm, denger Frâ oder dengem Mann hir,
dengen Kanner an denger ganzer Famill,
onsen Frönn an Sympathisanten
all des Stömmen mussen den lo.Juni
op d'Löschten vun den Enrôlés.

L Ö S C H T 9

Mer sin et dénen 3ooo gefâlenen a vermössten Komeròden a Komerodinnen,
dénen 2ooo frézeitig Verstuerwenen,
hiren Elteren a Gesèschter schölleg.

Mer wöllen net als PREISEN an d'spéder Geschicht agôen.
Eis Kanner sollen net als Nokommen vun Bierger zwèter Klass dostoen.

Mer verlângen neischt mé an neischt manner, ênzeg an elleng:
-D'GLEICHSTELLUNG MAT ALL ANER NAZIAFFER -

[Mer gin eis net !] - Duerfir nemmen d'LÖSCHT - (9) -

Komerôdinnen a Komerôden, léf Letzeburger,
Mer ziéelen op Iéch - Kommt all an eis Opklärungsversammlung - brengt se mat :
eis Frönn - eis Sympathisanten
e Freideg, den 18.Mè am Café DAUPHIN zu Rodange.

- de Comité -

LÖSCHT 9 + LÖSCHT 9 + LÖSCHT 9

AMICALE DES ENROLES DE FORCE-VICTIMES DU NAZISME

AUS DER GEMENG SUESSEN

&&&&&&&&&&&&&&&&&&&&&&&&&&&&&&&&&&&&&&&&&&&&&&&&&

# I N V I T A T I O U N

Komerôdinnen a Komerôden,

lei'w Familgen a Frönn.

Mir lueden Iech alleguer hèrzlechst an, un eiser Generalversammlong délzehuelen, déi e Samsdeg, 19.Mai um 19.3o Auer ( hâlwer âcht ) am Café de la Promenade ( fréi'er Didlinger ) zou ZOLVER ôfgehâle gött! ( Kreizong: BIELES-ZOLVER-DEI'FFERDANG an METZERLACH )

Nô den traditionellen Ponkten vum Ordre du jour, déi' mir döst Jôer ganz kûrz fâssen, komme mir direkt zum ausseruerdentlechen an wichtegen Dél.

EIS POSITIOUN ZOU DE WAHLEN 1979 !

FIR WAT GREIFEN MIR AN D'WAHLEN MAT AN ?

DUERCH WAT ASS ET DUERZOU KOUM ?

WIEN HUET EIS AM LAF VUN DEN JOREN ESOUWEIT BRUECHT ?

Lauter Frôen, déi' Iech vum National-Président Jos. Weirich an dem Zentralcomité esouwéi' vun eise Kandidaten aus dem SUD-Bezirk beäntwert gin.

Dir gitt informéi'ert, datt eis lescht Décisioun nöt vun ongeféi'er ass, an schon guer nöt aus der Loft gegraff ass.

Komerôdinnen a Komerôden a Frönn,

- Mir hun elo 33 Jôer lâng a gedölleg op eppes gewârd, dât schons grad esou lâng misst an der Reih sin !
- 33 Jôer lâng hâten eis grouss Parteien et an der Hand !
- 33 Jôer lâng hun se versprach. Eng ewéi' déi' âner !
- Den lo.JUNI ASS D'STONN VUN DER WOURECHT !
- Mir sin et 3ooo VERMÖSSTEN an GEFALEN KOMERODEN schölleg !
- Iwer 2ooo fréi'zeiteg VERSTUERWEN KOMERODEN an och KOMERODINNEN verlângen et vun eis !
- Mir sin et eis selwer an och eise Kanner schölleg !
- Mir wöllen nöt âls PREISSEN an d'spéi'der Geschicht agôen !
- Eise Jonktem soll spéi'der nöt âls Nôkommen vun Bierger 2classe dostôen !

DUERFIR, reservéi'ert Iech an Erer Famill den 19.Mai. Kommt an eis Generalversammlong op ZOLVER, a mâcht dös Versammlong zou enger grousser DEMONSTRATIOUN géi'nt déi' grouss ONGERECHTEGKETEN déi' allen ZWANKSREKRUTE'ERTEN Jongen a Médercher widderfuer ass !!!

<u>MIR GIN EIS NÖT</u>

De COMITE aus der Sectioun vun den ENROLES DE FORCE-VICTIMES DU NAZISME aus der Gemeng SUESSEM

ENROLES DE FORCE

EISCHEN + REGION WEST

Datum vum Poststempel.

Komeradinnen a Komeraden, léif Elteren Familjen a Frënn vun ousen gefâlen-verstuerwen au vermössten Jongen.

Mir luéden iech heimadden herzlechst an un eiser

GENERALVERSAMMLUNG

déizehuelen, de en Donneschdeg den 31. Mé um 20 Auer am Musaksall zu Eischen ofgehâle get.

Fir wât gi mir mat an d'Wahlen.?
zu déser Frô hölet den Fédérationspräsident Jos. Weirich Stellung. Duerno frei Aussprock. Présentation vun eise Kandidaten aus dem Südbezirk.

Mir erwârden iech mat ärer ganzer Famiel. Mir appeléeren un är Solidaritet.

De comité.

Amicale des Enrôlés de Force
Victimes du Nazisme
Commune de Sanem

Copie

Secrétariat:

Flammang Georges
Résidence"BEAU-SITE"

B a s c h a r a ge

50 24 59 Tél.

Bascharage, 4. mai 1979

Aux mains de Monsieur
le Président-National
des V.N.E.F.
Joseph Weirich

Dudelange

Resolutioun vum Comité vun der Sectioun SUESSEM E.F.V.N. aus der Gemeng SUESSEM, gefâsst a sénger Sötzong zou ZOLVER den 26 Abröl 1979!
GGeduecht âls Artikel fir an eist Propagadablâd fir d'Wahlen vum 10 Juni 1979! Desweideren zour Information fir den National-président Jos.Weirich.

........................................................................................................................

Déi Zwangsrekrutéiert Komerôden, déi an hiren Parteien fir d'Chamber wahlen kandidéieren, furderen mir op, nöt nuren den Num vum ZWANGSREKRUTE'ERTEN âls Aushängeschöld ze benotzen, MAIS! ôwer sech hirer Responsabilitéit bewosst zesin géigeniwer hiren ENROLES-Komerôden, am Fâll vun den Debatten zou Gonschten vum ENROLES- Problème (Fuerderongen); hir Parteien opzefuerderen, vun der Parteidiziplin entbonnen zegin, fir esou tatkräfteg op eiser Seit ze stôn!

Well mir betruechten et folgendermôssen:

Et gét nöt duer bölleg politescht Kapital âls "ZWANGSREKRUTE'ERTEN" um Papeier eraus zeschlôen, fir dann am entschédenden Fâll, wou et öm d'E'er vun allen Enrôlés de Force gét, den Feigling an Verré'der ze spillen mat der Entschöllegong:" Mir sin d'Hänn Parteipolitesch gebonnen "!

Mir werfen kengem Komerôd séng politesch Gesönnong vîr; dât ass sei bôert Recht. Dach mir verlângen vum him âls ZWangsrekrutéierten, datt hien mat eis sei Mann stéht, an den Courage huet an den entschédenden Debatten fir d'ENROLES DE FORCE géint all Parteidiziplin zou séngen Komerôden hält!

Mir fuerderen d'Parteien op, am vîrgenannten Fâll hir ENROLES Politiker v un der Parteidiziplin frei zestellen, wann sie vum Bierger an vun eis nach wöllen écht geholl gin!

Fir de Comité vun der Section des Enrôlés de Force-V.N.
aus der Gemeng SUESSEM

signature
président
Heinen Gr.

Amicale des Enrôlés de Force
Victimes du Nazisme
Commune de Sanem

Secrétaire
Flammang G.

AMICALE DES ENROLES DE FORCE

SECTION KAYL-TETANGE

INVITATIOUN

KOMERODINNEN aKOMERODEN

LEI'W FAMILGEN a FRÖNN

Mir lueden Iech alleguer hèrzlechst an, un eiser Generalversammlong dél ze huelen, déi den 10 Juni, am café TROES ze Téteng, 1 Remlenger= strooss, (vis-a-vis vun der ARAL'statioun ) ôfgehâle gött.

Nô den traditionelle Ponkten vum ordre du jour, komme mir direckt zum ausseruerdentlechen an wichtegen Dél.

EIS POSITIOUN ZOU DE WAHLEN !
FIR WAL GREIFEN MIR AN WAHLEN AN ?
DUERCH WAT ASS ET DUERZOU KOUM ?
WIEN HUET EIS AM LAF VUN DEN JOEREN ESOUWEIT BRUECHT ?
WIEN HUET EZOU LANG DE GECK MAT EIS GEMAT ?

- 3o joere waren der 2 vun den 3 gro'ssen an der Regierong
- 3o joer hâten der 2 vun den 3 gro'ssen majoritet an der Chamber
- 3o joer lang hâten si an der Hand
- 3o joer lang hun si verspriechen gemât
- 3o joer lang hu mir gewârt .

Och wanns du joerzingtelâng CSV, DP oder LSAP ge stëmmt hues, da mâch et desen 10 Juni net. Dofir ginn des gro'ss Partei'en net önner. Awer si mussen agesin dass mer net mé de Geck mat eis mâche lôssen, an dass eise Problem, en NATIONAL PROBLEM, net kann verschlëwt ginn bis de lèschte vun eis begruwen ass, Bis elo huet jo dé Partei fir dé's du gestëmmt huest, dei Problem net gelésst. Elo ass et Schluss !

<u>Deng Stëmm.</u> denger Frâ oder dengem Mann hir,
dengE Kanner an denger ganzer Famill,
onsen Frönn an Sympathisanten
all des stëmmen mussen den 10 Juni op
<u>Lëscht vun den Enrolées</u>

LÖSCHT 9 —— LÖSCHT 9 —— LÖSCHT 9 —

Mir sinn et dénen gefâlen a vermössten Komerôdinnen a Komerôden, dénen frézeiteg Verstuerwenen hiren a Geséschter schölleg. Mer wöllen net als preisen an d'speder Geschicht agôen. Eis kanner sollen net als Nokommen vun Bieger zweter Klass dosto'en.

Mir nerlângen neischt mé an neischt manner, enzeg an elleng

-D'GLEICHSTELLONG MAT ALL ANER NAZIAFFER-

Duerfir Stëmmt

LÖSCHT 9 + LÖSCHT 9 + LÖSCHT 9